



INTRODUCTION

Colonel Steve Mack

Directeur de l'Institut National de Formation et des Secours - INFS

Léiw Membere vun de Rettungsdéngschter,



Zënter Méindeg, dem 16. Mäerz wou ech an déi éischt Reunioun an de Ministère de la Santé gaange sinn, verrieden ech zesummen mam Tom SCHMITZ de CGDIS als Officier de liaison. Zënterhier gesi mir eis all Dag 7/7 als Cellule Hôpitaux vun der Cellule de Crise Santé am Kader vun der COVID19-Kris.

Ganz schnell hunn Kolleegen aus dëser Cellule a virun allem d'Generaldirektiounen aus de Spideeler de CGDIS als kompetenten a reaktive Partner erkannt. Dëst huet dozou gefouert dat de CGDIS maassgeblech un der AUSAARBECHTUNG vun den Indicateure bedeelegt war, déi an der Cellule de Crise gebraucht gi, fir de Pilotage vun der Kris ze garantéieren, an der Regierung déi néideg Informatiounen liwwert, fir kennen Decisiounen ze huelen. Et ass och de CGO, deen all relevant Donnéeën aus de Spideeler grad sou wéi de Maison de soins an anere Strukturen zentraliséiert, fir se dono an déi verschidden informatesch Systemer anzuespeisen, an der Cellule de crise zur Verfügung ze stellen.

Aus der Erfahrung vun de Kolleegen aus dem Grand-Est, huet sech schnell e Besoin erginn, Kapazitéit vun de Spideeler, virun allem un Intensivbetten zentral ze geréieren an den Dispatching vun de Patiente vun enger Plaz aus ze organiséieren. Och hei ass et de CGDIS, deen vun der Cellule de Crise mat dëser Aufgab vertraut gouf, sou dat mir kuerzfristeg Funktioun vum Dispatcher um CSU112 agefouert hunn, deen an enkem Kontakt mat den eenzele Strukturen ass, a wou eng Online-Applikatioun iwwert Disponibilitéit vun de Spidolsbetten en Place gesat gouf.

Beim Transport vun de COVID-Patienten huet Cellule de Crise och Vertrauen exklusiv un de CGDIS an seng Ekippe ginn.

No der Decisioun 11 Intensivpatienten aus dem Grand-Est hei zu Lëtzebuerg opzehuelen, huet de CGDIS Koordinatioun iwwerholl fir den Accueil an den Transporter ze organiséieren. En Geste vun europäescher Solidaritéit, deen net nëmme vum franséische President Macron begréisst gouf, mee wou och vun eise ville Frontalier'en,

déi zu Lëtzebuerg an de Klinicke schaffe ganz positiv opgehooll gouf. Éischt Patiente konnten des Woch nees geheelt an hier Heemecht zeréck.

Dëst nëmme e puer Beispiller déi Implicatioun vum CGDIS am Kader vun dëser sanitärer Kris opzeechnen, an déi de CGDIS mat all senger fräiwëllegen an haaptamtleche Memberen zu engem staarken an unerkannte Partner am Spidolssecteur positionéieren. Dëst wäert eis an Zukunft och Hëllef wann mir an Zesummenarbecht mat de Spideeler an der FHL un der Schnëttstell tëscht de Rettungsdéngschter an der Klinik, awer och un de praktesche Stagen am Kader vun der SAP-Ausbildung schaffen.

Als Direkter vum INFS hunn ech zesumme mat de Chef de Departements ganz schnell Decisioun geholl, all Aktivitéit vum INFS ze stoppen. Dëst huet et eis erlaabt déi ganz Ekippe vum INFS, mat all hire verschiddene Kompetenzen dem CGO zur Verfügung ze stellen. Ech well hei profitéieren fir all de Mataarbechter a Stagiären (eng gutt 100 Fraen a Männer) vum INFS en grouse MERCI ze soe fir hiren Engagement an hir Flexibilitéit. Wan Instrukter schnell op Home-Schooling fir Stagiär Berufspompjee ëmgestallt hunn, sinn anerer op ville Plazen agespronge fir eng Hand unzepaken, do wou Hëllef gebraucht gouf, sief et op der Hotline, an den eenzele Cellulen vum CGO, fir Desinfektionsmittel hierzustellen, als KTW, etc...

Merci awer och all Volontairen, fir hiert Verständnis, dat mir de Schoulbetrib hunn misse stoppen.

Elo wou Regierung déi éischt Phase vum Déconfinement ugefaangen huet, wäert och den INFS schrëttweis ab dem 4. Mee nees de Betrib ophuelen, natierlech am Respekt vun de Mesuren, fir d'Verbreedung vum Virus weider ze bremsen. Am Laf vun der nächster Woch wäert dozou eng detailléiert Nott kommen.


Och wann elo no der Annonce vun der Regierung éischt Mesuren ze lackeren eng gewëssen "Euphorie" opkënnt, géif ech Iech alleguere weiderhin un d'Häerz leen, virun allem Geste Barrière rigouréis anzehalen. Den Virus ass nach ëmmer ënnert eis, a mer mussen eis drun gewinnen nach eng Zäitche mat him ze liewen, bis dat endlech eng Impfung zur Verfügung steet.

Wann mer et als Natioun bis elo gutt gepackt hunn, fir de Virus an seng Konsequenzen am Grëff ze behalen, ass och weiderhin eis Disziplin gefuerdert, fir dat mer sou mann wéi méiglech Kranker oder Doudeger ze bekloen hunn.

An dësem Sënn, haalt Iech un d'Recommandatiounen vun der Regierung a bléift gesond!






**SYNTHESE COVID // LUXEMBOURG**

La situation au Luxembourg indique clairement que les mesures de confinement décidées mi-mars ont permis d'aplanir la courbe et que nous nous trouvons dorénavant sur un plateau. Cela ne signifie pas que la baisse des cas va automatiquement suivre rapidement. Cette phase peut en effet se maintenir un certain temps notamment en fonction de la reprise progressive des activités économiques et scolaires.

**16 avril 2020****Nbr. Infectés - 3444****Nbr. Décédés - 68**



SYNTHESE COVID // GRANDE RÉGION




D'un point de vue global on peut signaler que l'ECDC (European Centre for Disease Prevention and Control) suit l'évolution de manière identique mais au niveau européen : <https://www.ecdc.europa.eu/en>




SYNTHESE OPERATIONNELLE

On voit que le niveau des opérations reste en peu en dessous de la moyenne annuelle passée avec cependant pour les jours à suivre une évolution à prévoir. Avec la reprise progressive des activités économiques on peut en effet s'attendre à un sursaut au niveau des interventions INCSA alors que le volet COVID restera d'actualité.

ACTIVITE GENERALE - Nombres d'interventions (Total)



ACTIVITE GENERALE - Nombres d'interventions SAP



Source : OXIO




SYNTHESE OPERATIONNELLE

Disponibilité des moyens tactiques

La disponibilité reste remarquable avec là également la perspective d'une évolution puisque que certains volontaires vont reprendre leur activités professionnelle dans les prochains jours.

TOTAL: 100 (H)LF



■ Complet ■ Partiel ■ Minimal ■ Incomplet


Complet = 6 pompiers

Minimal = 4 pompiers

Partiel = 5 pompiers

Incomplet = <4 pompiers

TOTAL: 22 TMF / DLK




■ Complet

■ Incomplet

Complet = 2 pompiers Incomplet = <2 pompiers

TOTAL: 48 RTW / AMB



■ Complet

■ Incomplet

Complet = 2 pompiers Incomplet = <2 pompiers



FAITS MARQUANTS DE LA SEMAINE

Upassungen vun den Procéduren vum CGDIS am Kader vum Déconfinement an intern Verdeelung u Schutzmasken

Wéi an der Pressekonferenz vum Premierminister an der Gesondheitsministesch vum 15. Abrëll matgedeelt gouf, wäert ab dem 20. Abrëll de sougenannten «Déconfinement» a méi Phasen Schratt fir Schratt duerchgefouert ginn. Eng éischt Moossnam an deem Kontext gouf jo schon mat der Verdeelung vu Schutzmasken un Gemengen fir hier Bierger préparéiert, wou de CGDIS an der Logistik an Organisatioun jo och eng wichteg Rôle iwwerhëllt.

Am Zesammenhang mam Déconfinement wäert och de CGDIS sech mussen der wiesselnder Situatioun upassen, fir datt wéiderhin eist Ziil, fir den Rettungsdéngscht jidderzäit kënnen ze garantéieren an dobäi eise Pompjeeën a Mataarbechter awer gläichzäitig de gréisstméigleche Schutz kënnen ze bidden, sécherzestellen.

Eng «Mesure barrière» déi ab dem 20. Abrëll dobäi kennt, ass d'Droen vun engem Otemweeschutz, wann een d'Sécherheetsdistanz vun 2m tëscht zwou Persounen net kann anhalen. Aus deem Grond gouf och d'Dokument zu de Verhalens- an Hygiensregelen entspriechend adaptéiert. Mir erënneren dofir och nach eemol speziell drun, datt den Otemweeschutz just eng zousätzlech Sécherheetsbarrière ass, an déi aner Gesten, virun allem den Ofstand vun 2m an d'reegelméisseg Hännwäschen wéiderhin strikt a konsequent ze applizéieren sinn.

Der Direktioun vum CGDIS ass et wichteg, seng Mataarbechter souwéi fräiwëlleg a beruffläch Pompjeeën bei hirem Engagement fir de CGDIS och wéiderhin beschtméiglech ze schützen. Aus deem Grond gouf folgend intern Verdeelung u Schutzmasken aus dem Stock vum CGDIS decidéiert, fir datt dës zousätzlech néi Sécherheetsmesure kann ëmgesat ginn:

Fir d'Direktiounen an déi administrativ a logistesche Servicer an de Zonen :

Op all Site (Plantin, Stümper, CSL, Bureau zonal) gëtt jeeweils ee Set u Masken zur Verfügung gestallt. Wann de Sécherheetsofstand vun 2m net kann agehalen ginn (z.B. bei enger Maintenance vun engem Geschiir), esou kënnen déi jeweileg Persounen aus deem Set eng Mask zur Verfügung gestallt kréien.

Fir d'Centre d'Incendie et de Secours:

Fir den Ambulanz-Déngscht hunn sech d'Procéduren (#COVID / #I3) net geännert a sinn wéiderhin wéi bis elo ze applizéieren.

De First Responder Déngscht bléift fir de Moment wéiderhin agestallt.

Fir den Incendie/Sauvetage-Déngscht wäert all Asazenter iwwert d'Zone Schutzmasken zur Verfügung gestallt kréien, déi kënnen an den primären Asazween gelagert ginn. Dës Masken kënnen am Asazfall ugedoen ginn, wann de Sécherheetsofstand vun 2m net kann agehalen ginn. Dës Masken müssen ab dann och net méi um Asaz vun der Ambulanz ersaat ginn.

Fir administrativ a logistesche Aufgaben am Zenter, wou den Sécherheetsofstand vun 2m net kann agehalen ginn, kritt all Zenterchef ee Set u Masken iwwert d'Zone, déi e sänge Léit fir esou Fäll kann zur Verfügung stellen.

Fir d'Déngschtweeën déi an engem Pool funktionnéieren (virun allem d'Kommandoween fir de Peloton-Déngscht) gëtt iwwert d'Zone eng Këscht mat Masken zur Verfügung gestallt, déi am jeweilegen Déngschtwoon soll gelagert ginn.

Den Accès an d'CIS ass wéiderhin op e Minimum ze limitéieren.



FAITS MARQUANTS DE LA SEMAINE

Fir d'Bases SAMU:

Fir den SAMU-Déngscht hunn sech d'Procéduren (#COVID / #I3) net geännert a sinn wéiderhin wéi bis elo ze applizéieren.

Fir d'GIS:

D'GIS Sauvetage aquatique, Cynotechnique, Sauvetage animalier, GRIMP, NRBC an CSL kréien iwwert den CSL ee Set u Masken zur Verfügung gestallt fir an den Asazween fir den Asazfall ze verdeelen a fir bei administrativ-logistéschen Aarbechten ze benotzen.

De GSP kritt wéinst dem reegelméisseg direkte Kontakt mat Patienten ee Set u Masken pro Member deen um Asazdéngscht deelhëllt zur Verfügung gestallt, d'Gestioun gëtt iwwert den Hannergronddéngscht koordinéiert.

De GACO kann op d'Masken vum CGO zeréckgräifen.

Den HIT brauch fir de Moment kee Set u Masken, well d'Aktivitéiten vum Grupp aktuell agestallt sinn.

Fir den CGO an CSU 112:

Et gëtt ee Set u Masken zur Verfügung gestallt, fir de Fall wou de Sécherheetsofstand vun 2m net kann agehalen ginn.

Mir hunn d'Vertrauen an iech all, datt dir mat dësem Stock, deen jeech fir ronn 3 Méint gerechent ass, responsabel ëmgitt. Dës Verdeelung u Masken stellt sécher, datt all Unitéit seng normal Aktivitéiten kann onageschränkt wéiderféieren. Bei Ännerungen vun de Missiounen, wäerten selbstverständlech je no Besoin wéider Schutztenuen zur Verfügung gestallt ginn.

Déi verschidden Direktiounen vum CGDIS schaffen aktuell och intensiv dorunner, déi normal Aktivitéiten, virun allem d'Formatioun vum INFS an den STP (Médico) ënnert sécheren Conditionen och erëm lues a lues kënnen unzufänken. Dës Moosnaamen mussen awer suergfältig geplangt ginn, dofir wäerte mir iech heizou wéider détailléiert Informatiounen zoukommen lossen, wann dës bis virléien. Bis dohinner, bliéiw d'Aktivitéiten vun dësen Servicer wéiderhin agestallt.

Allgemeng Informatioun


Aktualiséiert operationell Informatiounen ronderëm de COVID-19 sinn a gebündelter Form um Site vum CGDIS ze fannen.

(<https://112.public.lu/fr/Coronavirus.html>)

Op all Asatz (SAP an INCSA) MUSS all Pompjee en Masque chirurgical undoën, wann d'Mindestdistanz vun 2 Meter net kann agehaale ginn.



*masque chirurgical



** De Mask kann während 8 Stonne gedroë ginn, wa keen Patientekontakt virlooch*



- Dir kënnt d'Mask ausdoen, z.B. fir eppes z'iessen oder ze drénken, andeems dir en just mat de Lastiker upaakt an en op eng Plaz leet déi duerno desinfizéiert gëtt.
- Verméit d'Mask selwer unzepakent!
- Wann dir de Mask beréiert, dann wäscht iech d'Hänn mat Waasser a Seef oder desinfizéiert se.
- Dir musst d'Handhygiene respektéieren ier dir de Mask undot an nodeems dir de Mask ausgedoen hutt!



FAITS MARQUANTS DE LA SEMAINE

Visite vun der Inneministesch Taina Bofferding a vum Premier Minister, Xavier Bettel

Vir sech iwwert de gudden Oflaf vun der Maskenausliwwerung ze iwwerzeegen ware gëschter dann och d'Inneministesch Taina Bofferding an de Premier Minister, Xavier Bettel, sur place. Gläichzäiteg hunn si och de fräiwëllegen an haaptberuffleche Pompjeeë Merci gesot, déi bei dëser Organisatioun matgeholf hunn an ouni déi dës Aktioun net méiglech gewiescht wär.



Opruff

Sollt äre CIS d'Gemengen ënnerstëtzen vir d'Schutzmasken auszedeele, ginge mir eis freeën wann dir eis e puer Fotoen vun äre Memberen bei der Aarbescht op communication@cgdis.lu eraschécke kintt.

COMOPS



Sur-accident sur l'autoroute A6 après feu véhicule – 14 avril 2020

Les premières unités dépêchées sur place pour un feu de véhicule sur l'autoroute ont informé le CSU-112 qu'un accident s'était produit entre un camion et une camionnette sur la voie opposée. Une partie des moyens a prodigué les premiers secours pour le chauffeur de la camionnette qui était incarcéré en attendant l'arrivée de renforts.



Photo: CIS Kahler / CIS Mamer



Feu de chambre – 16 avril 2020

A l'arrivée des pompiers sur place, les propriétaires avaient déjà éteint l'incendie. L'action des équipes sur place a dès lors pu se limiter à une ventilation des lieux.



Photo: Marc Everad - CIS Boevange/Attert

Feu de boulodrome à Mondorf- 17 avril 2020



Photo: Pol Neyens



INFOS PRATIQUES

Rappel 2ème sondage

Un deuxième sondage a été adressé cette semaine à l'ensemble des pompiers actifs et du personnel administratif du CGDIS via leur supérieur hiérarchique. La date de clôture a été fixée au vendredi, 17 avril et les résultats seront par après également analysés et publiés.

[lien sondage...](#)

Rappel - absences

Pour rappel toute absence pour raison de maladie est à transmettre à

absences@cgdis.lu.


Ceci aussi bien pour les pompiers que pour le personnel administratif.

La maison médicale virtuelle du STP reste disponible au **49771 9150** pour les membres du CGDIS ayant des symptômes liés à une potentielle contamination COVID.

Invité vun der Redaktioun

Haut de Moie war de Generaldirekter vum CGDIS den Invité vun der Redaktioun am RTL Journal. An dësem Interview goufen ugeschwat ënner anerem, d'Organisatioun vun der Distributioun vun de Schutzmasken un di eenzel Gemengen, esou wi och di aktuell alldeelech operationell Aarbechte vum CGDIS. Des weidere gouf och beschwat wéi de CGDIS sech wäert Virbereeden an organiséiere vir den opkommenden Déconfinement.

[De ganzen Interview fannt dir hei...](#)



VIDEO CGDIS

Fir dass dir während dëser Zäit och doheim gesond a fit bleift, fannt dir e Workout Video op eisem Youtube Kanal

[De ganze Video fannt dir hei...](#)

**Tout comme les activités de l'INFS,
les examens médicaux du Service santé au travail des pompiers (STP)
sont suspendus jusqu'à nouvel ordre.**

Il en va de même pour toutes les activités de formation des CIS /GIS